# Wat gescheit Kanner

e löschtegt Steck an engem Akt mat 8 Persounen
arrangéiert vum Jeanne Steichen

Et kann mat méi oder wéineger Persounen gespillt gin oder och als Monolog virgedroe gin.

Persounen:
1. D'Léierin
2. Den Inspekter oder eng Inspektorin
d'Schoulkanner
3. Helène Barrozzi
4. Paulinchen van Driesche
5. Simone Stracks
6. Mariechen Mathes
7. Triny Knuppert
8. Caroline Pull

D'Steck ka vu Kanner gespillt gin, ma et wirkt vill méi komesch wann et vu grousse Medercher opgeféiert get wann se matt zimlech kurze Räck, 3/4 Strömp, a Schong mat platten Talongen optrieden.

---

Wann de Rideau opgeet, sëtzt d'Léierin um Pult an nömmen zwé Medercher sin an de Bänken.

Léierin : (iergert sech) Ass dat erlabt ... Emmer kommen se ze spéit. Wann se elo net hei sin ir den Inspekter kömmt, da kann et schéi gin.

Triny, Simone an Helène kommen séier eran, de Schoulsak ennert dem Arem.

Bonjour Joffer, mir waren nach ...

Léierin : Hurteg op är Platzen, et ass haut net fir lang Gespréicher ze halen, et ass drop an drun dass den Inspekter könnt (kuckt op d'Kanner, déi sech séier sötze gin) Lo félt jo nach ént .. Wou stecht dat nach?

Caroline : (kennt séier eran) Hei Joffer, hei sin ech.. ech.. ech ..meng Mamm huet mech nach mussen hun ...

Léierin : Wor da kén aner do?

Caroline : Nén, ech hun et musse sin.

Léierin : Firwat dann?

Caroline : Ma si konnt dach kengem aneren a menger Platz Stréch gin.

Léierin : Hal emol op mat dengen Dommhéten, a setz dech séier op deng Platz, de Schoulinspekter wärt gleich hei sin (hat gét op seng Platz) Nu lauschtert gudd, Kanner, a mat ganz gené wéi ech iech soen. Wann den Här Schoulinspekter elo era kennt, da stitt der alleguer mattenén op sot: Bonjour Här Schoulinspekter.. An och herno, wann hén iech eppes freet, musst der ömmer Här Schoulinspekter soen, dass hie geseit wéi héiflech dir hei an der Schoul dresséiert gitt. Mir probéieren mol emol. Also, wéi sot der wann de Schoulinspekter kennt?

Kanner : (stin alleguer matenén op a leieren ganz lang gezun) Bon..jour... H..ä..r Sch...oul...ins..pek....ter.

Inspekter: (dén iwerdém wou se dat erofleieren, erakönnt) Hat der mech gesi kommen?

Léierin : (erféiert, fir sech) Well ass dé schon hei, an ech sollt nach esou vill explizéieren.. Da kann et elo schéin gin (si get dem Inspekter d'Hand) Bonjour Här Inspekter.

Kanner : (all matenén nach eng Kéier) Bon..jour Hä...r Schoul..inspekter.

Inspekter: Setzt iech Kanner, mir fänken direkt un. Sitt der fleisseg, Kanner?

Kanner : Jo...Hä...r Schoul...inspekter.

Inspekter: Héiflech sin se op alle Fall (zur Léierin) Wat hu der scho mat hinnen durchgeholl?

Léierin : (hellt e puer Bicher) Bis hir si mer am Deitschen, bis duer am Franséischen, hei am Rechnen, bis heihin an der Geographie a bis hir an der Naturkunde.

Inspekter: T'gét schon duer, ech gesin, dir hutt gudd mat hinnen geschafft Mir fänken emol mam Deitschen un .. Du ... wéi héschs du?

Helène : Helène Barrozzi, Här Schoulinspekter

Inspekter: Da so du mer emol dat Gedicht op: der Apfeldieb...

Helène : (stét op a kuckt méiglechst domm dran, hölt de Fanger an de Mond, zitt den Otem ganz déif a setzt un) der Apfeldieb.. der Apfeldieb, ein muntrer Knabe, will einen Raben gerne haben ... schon ...

Léierin : Nén, esou geet et dach net un, Helène

Inspekter: Neischt soen...

Helène : ( Stéisst iwerdeem seng Nopesch) So, mir wéi et ugeet(Dat flüstert em séier an d'Helène fängt erem un) Aha, lo wéss e . dort in des Müllers Garten da steht.. Der Apfeldieb.. Dort in des Müllers Garten da steht.. da steht.. Ech wousst et ower esou gudd, Här Schoulinspekter.. ech ... ech ... hat et esou gudd geléiert (fänkt nach eng Kéier un) Dort in des Müllers Garten da steht...

Inspekter: Dajé.. da steht.. Denk emol e besche no ... Wat stét do?

Helène : Wou, Här Schoulinspekter?

Inspekter: Mä, am Möller sengem Gart, wat stét do?

Helène : Poretten a Murten a Kabes..

Inspekter: (ennerbrecht) Gét schon dur, dat wéss ech alles.

Helène : Wart dir och schon am Möller sengem Gart, Här Schoulinspekter?

Inspekter: (zur Léierin) Joffer, verhält dat Kand neischt?..

Léierin : Oh dach, soss verhällt et dach esou gudd. Den Här Paschtouer seet et wier daat Bescht am Unterriht. Et wéss d'Bibel emmer op de Fangeren.

Inspekter: Dat geng ech dann emol gär héieren. Da so mer lo direkt dé Passage op, wou den Herrgott d'Schlang verflucht..

Helène : (schmunzt) Dat wéss ech gudd, Här Schoulinspekter.. Verflucht solls du sein, Här Schoulinspekter, auf deinem Bauche solls du kriechen, Här Schoulinspekter, und Stauf fressen alle Tage deines Lebens, Här Schoulinspekter.. Deine Frau wird dir den Kopf zertreten, Här Schoul-inspekter.. du aber wirst ihrer Ferse nachstellen, Här Schoulinspekter

Inspekter: (béiss) Stét dann all Kéier an der Bibel Här Schoulinspekter hannendrun?

Helène : (séier) D'Joffer huet gesoot, mir sollen dat all Kéier hannendrun soen, Här Schoulinspekter.

Inspekter: Ma dir hutt mir eng schéin Joffer.. Setz dech, kucken op deng Nopesch net méi gescheit ass. Wéi héschs du?

Pauline : Paulinchen van Driesche, Här Schoulinspekter

Inspekter: (zur Léierin) Dat ass en auslännesche Numm.

Léierin : Jo, sei Papp ass Hollänner

Inspekter: So du mer emol e Satz, wou dat Wuert "Wendepunkt" dravir könnt?

Pauline : Meine Mutter sagt immer zu meinem Vater, wenn er abends ausgeht: Wenn de punkt 11 Uhr net zurück bist, dann erlebst de eppes.

Inspekter: Wat gescheit Kanner.. d'get emmer besser. Wéi ass dei Numm?

Simone : Simone Stacks, Här Schoulinspekter.

Inspekter: Da so mer emol e Satz wou dat Wuert Haustyrann dravir könnt.

Simone : Ech wéss kén, Här Schoulinspekter.

Mariechen: (streckt de Fanger an d'Lucht)

Inspekter: Aha, do meld ént sech, wéi héschs du ?

Mariechen: Mariechen Mathes, Här Schoulinspekter.

Inspekter: Da fuer duer...

Mariechen: Mein Vater ist Anstreicher und streich die Haustür an.

Léierin : Mei Gott, ech hat dach réischt geschter dervu geschwat, ech mengen d'Kanner wössen vun elauter Opregung net méi wat se soen.

Inspekter: Opregung hin oder hier, mir mussen de Programm färdeg machen. Do ass nach ént wat ech net gefrot hun. So mer séier dei Numm.

Caroline : Caroline Pull, Här Schoulinspekter.

Inspekter: Mach du mer e Satz mat Indianer

Caroline : Unser Nachbar geht von einer Wirtschaft in di aner.

Inspekter: Ma dat do ka mir schéi gin, wann dat esou virugeet.

Caroline : (séier) Meng Mamm sét dat och, Här Schoulinspekter, en huet geschwönn ké Sou méi.

Léierin : Net schwätzen, wann de net gefrot ges..

Inspekter: Hei, do sëtzt nach ént wat ech net gefrot hun. Wie bass du dann?

Triny : Em domme Mätt sein Trin, Här Schoulinspekter.

Inspekter: Dei richtege Numm, du Dreibitz..

Triny : Triny Knuppert, Här Schoulinspekter.

Inspekter: Zur Léierin) Hutt dir da schon d'Präsens, de Futur an d'Vergangenhét schon erduerchgeholl?

Léierin : Jo, mir sin um Conditionnel

Inspekter: (zum Triny) Da so du mer emol, wat fir eng Zeit ass dat wann ech soen: Ich bin schön.

Triny : Vergangenhét, Här Schoulinspekter.

Inspekter: (zum Simone) Der Vater hat Geld.

Simone : Dat ass di Zäit em den éischten erem.

Inspekter: T'get emmer besser (zum Caroline) So du mer de Futer vum Verbe: Ich stehle...

Caroline : Präsens: Ich stehle.. Futur: Ich bekomme Duckes..

Inspekter: (reselt de Kapp) Nén,nén,nén ...

Caroline : (séier) Dach, Här Schoulinspekter, de Fluppe Mätt ass an den Duckes komm, wéi e gestuel hat.

Léierin : Ech hun der scho gesot, du solls net schwätzen, wanns du net gefrot ge[illegible]

Inspekter: Loss mer mam Deitschen ophaalen an un d'Rechnunge goen. (zum Helène) Wéi vill ass 1x 1

Helène : 1 x 1 ass 1

Inspekter: Gudd, an 1 x 2

Helène : (helt erem de Fanger an de Mond) 1 ma...1 2 ist ... ist..ist...

(iwerdeem steet d'Léerin hannert dem Inspekter, an hält zwé Fangeren an d'Lucht fir dem Helène et ze weisen)

Léierin : Dajé, Helène, denk e besche no ..

Helène : Här Schoulinspekter, ons Joffer muss ausgoen

Inspekter: Nén, nén, ass dat méiglech...

Helène : (séier) Jo, Här Schoulinspekter. Mir mussen emmer zwé Fangeren weisen, wa mir mussen ausgoen.

Inspekter: (iergert sech) Wat eng Klass. Ech wetten, ka ként vun en alleguer rechnen. Wie ka mir hierop äntweren: Ech hat lo Frang an der Täsch, ech verléieren der 5, wat hun ech an der Täsch?

Mariechen: (séier) E Lach, Här Schoulinspekter..

Inspekter: (béiss zur Léierin) Ech mengen, si können iwerhapt net rechnen.

Léierin : Oh dach, ma ech erklären hinnen d'Rechnungen emmer un Hand vun engem Beispill.

Inspekter: Zum Beispill, mach mir dat fir.

Léierin : Ma Här Schoulinspekter, ech hat haut wölles hinnen d'Brösch z'erklären an duefir hun ech eng Gromper matbruecht (si hölt eng Gromper déi um Pult leit an e Kneip)

Inspekter: Ech si gespant wéi dir dat macht.

Léierin : (zum Simone) Kuck, Simone, mir hat gescht geschwat dass én e Ganzt an zwétel, drettel, véierel, an esou virun zerlée kann. Hei hun ech eng Gromper. Si ass ganz. Elo schneiden ech se eng Kéier duerch.

Wat hun ech elo?

Simone : Elo sin et zwou halwer, Joffer.

Léierin : Richteg. Ech kann di zwé Stecker ower allenzwé nach eng Kéier duerchschneiden, wat hun ech dann?

Simone : Dann hutt der véier Véierel.

Inspekter; Prima,.. dir kennt är Sach, Joffer.

Léierin : Ech kann di véier Stecker hei over jidderént nach eng Kéier duerchschneiden. Esou, kuck Simone. Wat hun ech dann?

Simone : Da get et Fritten ...

Inspekter: (lacht) Hahaha.. och richteg.. Du hues gerot.. Ech gesin är Kanner si fir dat Praktescht. Si hun absolut ké Senn fir di abstrakt Sachen. (zum Pauline) Du, kanns du mer emol en abstrakt Wuert soen.

Pauline : Ech wéss net wat dat ass, Här Schoulinspekter.

Inspekter: Dat ass eppes, wat é net kann upaken.

Pauline : Aha, lo wéss ech et.. e gliddegt Eisen, Här Schoulinspekter

Inspekter: T'get emmer méi interessant. Wie ka mir en duerchsichtege Kierper nennen

Triny : E Schlessellach, Här Schoulinspekter.

Inspekter: Wat geschéit Kanner. Ech si gespannt wat se mir am Franséischen opdöschen.

Léierin : Si iwersetzen iech et wuertwirtlech

Inspekter: Dat ka mer jo dann eppes gin (zum Helene) Du hei, iwersetz mer lo gleich dé Satz: Im Herbste ziehen die Zugvögel fort.

Helène : En automne les oiseaux du train tirent plus loin.

Inspekter: (zum Simone) Ei, ei, morgen fällt die Schule aus.

Simone : Oeuf, oeuf, demain l'école tombe dehors.

Inspekter: T'ass awer tatsächlech neischt mat en ze wöllen. Wou kommen se nömmen un esou epp s? Du (zum Triny) Der Johanniskäfer leuchtet in der Nacht.

Triny : Le scarabé Jean luit dans la nuit.

Inspekter: (zum Pauline) Diese Frau ist Urgrossmutter.

Pauline : Cette femme est horloge' grand-mère.

Inspekter: T'get emmer méi schéin. Virun (zum Caroline) Als ich gestern auf den Zug ging, war ein Gewitter im Anzug.

Caroline : Hier, quand je marchais sur le train, il y avait un orage dans le costume

Inspekter: Mei Gott, mei Gott, Frot dir se e puer Sätz, Joffer, et muss dach ént dervun eng richteg Äntwert gin.

Léierin : (zum Mariechen) Du hues nach neischt gesoot. Iwersetz mer emol: Meine Mutter schnitt mehrere Scheiben Brot vom Brotlaib herunter.

Mariechen: Ma mère coupait plusieurs vitres de pain du ventre de pain.

Léieren : Solle mer ophaalen?

Inspekter: Sou hurteg duerf é sech net gin. Frot nach e puer Sätz.

Léierin : (zum Simone) Meine Schwester hat einen schönen Fingerhut.

Simone : Ma soeur a un beau chapeau de doigt

Léierin : (zum Pauline) Ich habe mir die Fingernägel geschnitten.

Pauline : J'ai coupé les clous de mes doigts.

Inspekter: Mei Gott, wat eng Welt.

Léierin : (séier) Solle mer ophaalen?

Inspekter: Ech froen elo just nach zwé Sätz, da geet et duer. (zum Helène) Kehrt alle den Kopf zur Mauer.

Helène : Balayez tous la tête contre le mur.

½nspekter: (zum Triny) Mehrere Spitzbuben haben Kleinodien aus einem Goldwarenhaus gestohlen.

Triny : Plusieurs garçons pointus ont volé des petites choses dans la maison de marchandises d'or.

Inspekter: Mei Gott, et get Zeit dass et gedoen ass. Loss mer emol d'Geographie erbei huelen (kuckt mat der Léierin an d'Geographiesbuch. Iwerdém seet d'Caroline zum Simone)

Caroline : Fens de net dass den Här Inspekter e fromme Mann ass?

Simone : Firwat dann?

Caroline : Ma well en emmer seet: Mei Gott, mei Gott.

Inspekter: (zum Caroline) Du hei, du kanns jo esou gudd schwetzen. So du mer emol gleich wou hei den Osten ass.

Caroline : Ech wor net do, Här Schoulinspekter. Ech war krank wi mer dat geléiert hun.

Inspekter: Da get et Zäit dass de dat ernohölls. Wou geet d'Sonn hei muerjes op?

Caroline : Do hannen, Här Inspekter.

Inspekter: Also ass dat am...

Caroline : (séier) am féie Muerjen, Här Schoulinspekter.

Inspekter: (béss) am Osten.. Efalt do, Dréi dech emol sou dass de den Osten am Reck hues.. Gudd. Lo hues de de Süden lenks an de Norden rechts. Wat hues de virun dir?

Caroline : Virun mir, ma viru mir, do stitt dir, Här Schoulinspekter.

Inspekter: Esou eppes hun ech nach net erliewt.

Caroline : Ech och net, Här Schoulinspekter.

Léierin : Du bass onverbesserlech, Caroline. Setz dech.

Inspekter: Jo, setz dech. Lo get nach e besche Naturkunde gemach an dann ass et Schluss. Vir unzefänke schwetze mer vun dém Déier wat der alleguer gudd kennt. Dir hutt bestömmt bal alleguer esou ént dohém. Wie ka mir et nennen, dat Déier, wat owes, wann alles schléift, ganz lues, d'Trapp erop geschlach könnt.

Pauline : (streckt de Finger an d'Lucht) Mei, Papp, Här Schoulinspekter.

Inspekter: Nén, nén, nén, esou eppes iewer.

Pauline : Dach, t'ass richteg, Här Inspekter.

Inspekter: An ech wollt vun der Katz schwetzen, ech gesin et ass neischt ze wöllen. So du mer emol, was de vum Pärd wés.

Mariechen: Das Pferd heisst Pferd, weil man damit -rumfährt
Es hat eine harte Haut, weil man darauf haut.

Inspekter: Wéi kommen se nömmen un all déi Sachen. E Pärd ass en netzlecht Déier. D'Leit huelen et fir ze schaffen. Wat fir Déieren huelen d'Leit nach fir ze schaffen a fir Sachen ze transportéieren.

(d'Kanner bekucken sech domm, hiewen d'Schölleren a gin keng Antwert)

Léierin : Dajé Kanner, denkt dach e beschen no, wat fir Déieren gin dann duerch d'Wüste? (keng Antwert)

Inspekter: Wösst dir iwerhapt wat eng Wüste ass?

Simone : Jo, Här Inspekter, dat ass eng Platz wou neischt wisst.

Inspekter: Bravo, kanns du mir dann esou eng Platz nennen?

Simone : (séier) Mengem Papp seng Glatz.

Inspekter: (iergert sech) Ass esou eppes ower méiglech.

Simone : Jo, dir misst et gesin, en huet ké Still Hoer méi drop.

Inspekter: (zur Léierin) Wat sollt ech eigentlech elo froen?

Léierin : Wéi dat Déier geng héschen, wat durch d'Wüste geng.

Inspekter: Ah jo. Dajé, huet nach emmerként et fond? Wat fir én Déier kann da ganz vill beienén drenken a brauch da lang neischt méi?

Helène : E Kaméil, Här Schoulinspekter.

Inspekter: Richteg, endlech eng gescheit Antwert. Wés de dann och nach wéi e Kaméil ausgeseit?

Helène : Vleicht e besche méi kleng wie dir, Här Schoulinspekter.

Inspekter: (verwonnert)

Helène : Ma, mei Papp sot desleschter: Dir wärt dat gréisst Kaméil wat hié nach je gesin hätt.

Inspekter: An da plot en aner sech nachamat esou enger Zort. Well ass et dés genuch (hie päckt alles zesummen) Nie méi geseit é mech hei an dér Schoul .. nie méi ... (hie gét séier aus)

Kanner : Merci, Här Schoulinspekter.